# De Fräsch um Kräiz

*Ëmmer nees kënnt et zu ëffentlechen Dikussioune wat Konscht kann, soll oder duerf sinn. Erënnere mer un d'Kontroversen am Joer 2001 rondërem der kroatescher Artistin Sanja Ivekovic hir Lady Rosa of Luxembourg, eng Replik op „d'gëlle Fra". Am Kulturjoer 2007 huet dem Wim Delvoye seng Kackmaschin Cloaca vill Kommentaren a Lieserbréiwer provozéiert. Am Moment ass zu Bozen a Südtirol am fonkelneie Musée MUSEION e Kulturstrãit ausgebrach ronderëm e gekräizegte Fräsch. De Claude Mangen, deen an de südtiroler Bierger Vakanz gemaach huet, war sech deen neie Musée an dem Martin Kippenberger säi Konschtwierk ukucken.*

Claude Mangen

Net manner wéi 35 Milliounen Euro huet d'Südtiroler Landesregierung sech de schicke Glascube fir zäitgenësseg Konscht matzen am Stadkäer vu Bozen kaschte gelooss. Am Mee dëst Joer gouf dunn offiziell den Opbroch an d'Géigewaartskonscht zelebréiert a mat der europäescher Konschtbiennale MANIFESTA 7, déi nach bis den November dauert, huet och d'Alpeprovenz am Norde vun Italien Uschloss un d'Modernitéit fonnt. Ma wéi et schéngt, verspären déi héich Bierger de Bléck no vir.

Zanterhir weist de Musée a senger Ouvertures-Expo vum 1997 zu Wien verstuerwene Kënschtler Martin Kippenberger eng Holzskulptur mat engem grasgrénge gekräizegte Fräsch. Dësen hängt un engem Kruzifix, streckt d'Zong eraus an huet an der rietser Hand e Béierkrou. Obwuel d'Wierk vun arrivéierte Kënschtler schonn eng Rei Joren um Buckel huet a fir mäi Versteesdemech net schrecklech gelongen ass, huet et a Südtirol fir enorm Opreegunge gesuergt an dat net nëmmen, well de Poopst Ufank August zu Brixen Vakanz gemaach hat.

D'Südtiroler Vollekspartei an d'Nationale Allianz, allebéid rietskonservativ Parteie ware sech eens, datt d'Wierk eenzock misst verschwannen. De President vum Regionalrot Franz Pahl war souguer eng Woch laang virum Musée am Hongerstreik. Streng gleeweg Katholike sinn eemol d'Woch an enger Aart Bittprëssessioun bei de Museion gepilgert, fir ze demonstréieren. Dorops gouf d'Kruzifix aus dem Foyer ewech e Stack méi héich gehaang a war och zäitweis mat Zeitunge verhaang. Leschte Freideg war eng Sëtzung vum Verwaltungsrot, an deem iwwer dat definitivt Schicksal vum Fräsch ofgestëmmt gouf. Ufanks hat et geheescht, 5 Landesvertrieder, majoritär am 9-käppegen Stëftungsrot, wiren dofir, datt d'Wierk sollt definitiv erofgeholl ginn. Domat wiren der Schwäizer Directrice Corinne Diserens hir Deeg och gezielt gewiescht. Ma et koum anescht. Zwee Landesvertrieder hu sech net vun der Regierung ënner Drock setze gelooss an deemno bleift de Fräsch bis den 21. September um Kruzifix hänken an de Musée behält seng Autonomie. Biswell hu 26 000 Leit d'Expositioun besicht.

Kritiker hu vu Gotteslästerung geschwat, Respektlosegkeet géintiwwer enger Populatioun, déi zu 99% kathoulesch ass. Am Fong goung d'Polemik awer méi wäit. Dësen Hierscht sinn a Südtirol Landtagswahlen an d'Debatt ronderëm de Fräsch war der Vollekspartei Waasser op d'Millen, fir bei kathoulesche Fundamentalisten Terrain wett ze maachen. Datt ee kann duerch e Konschtwierk a sengem Glawe beleidegt ginn ass duerchaus ze verstoen. Jidderee gëtt daagdeeglech duerch Informatiounen oder soss méiglech visuell Aflëss a senge politeschen oder moraleschen Iwwerzeegunge blesséiert. Am Fall vum gekräizegte Fräsch hätte jo och d'Déiereschützer kënnen op d'Barrikade klammen.

De ganzen August iwwer war an der Abtei Neimënster eng Ausstellung ze gesinn an där jonk chinesesch Artisten op eng rebellesch Manéier den E.T., de Superman oder d'Teletubbies un d'Kräiz geneelt haten. Datt Ikone vun eiser westlecher Konsumgesellschaft vu Chinese gekräizegt ginn, schockéiert zu Lëtzebuerg keen. Gottseidank.

*De Claude Mangen ass Coordinateur vum Programm um radio 100,7. Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*

*Kulturchronik vum 2.9.2008*